



Meyers an der Kommissioun gestallt hat, iwwert d'Zoustännegkeet an d'Missioun vum Service de radioprotection national. An ech mengen, et kéint een dat Gesetz roueg esou stëmmen. Ech wëllt jiddefalls den Accord vun eiser Fraktioun ginn.

Merci.

► **M. le Président.** - Merci der Madame Mergen. Den Här Carlo Wagner.

► **M. Carlo Wagner (DP).** - Merci, Här President. Och ech wëllt der Rapportrice, der Madame Claudia Dall'Agnol, villmools Merci soe fir hire ganz prezisen an och ganz komplette Rapport. En ass esou komplett, dass ech mengen, dass net méi vill bäizefüge wier, an ech ginn och domadder den Accord vun der Demokratescher Partei zu dësem Projet.

► **M. le Président.** - Merci. Vu datt och soss kee Riedner méi ageschriwwen ass an ech mengen, Här Gesondheetsminister, datt d'Madame Rapportrice esou kloer war, datt et net méi onbedéngt noutwendeg ass, datt de Gesondheetsminister nach muss Stellung huelen...

Wëllt Der awer Stellung huelen?

► **M. Mars Di Bartolomeo, Ministre de la Santé.** - Ech wëll net laang Stellung huelen, Här President, mä ech wëll awer net d'Geleeënheet verpassen, fir der Chamberskommissioun Merci ze soe fir hir schnell Aarbecht, der Rapportrice Merci ze soe fir hire kompetente Rapport, a feststellen, dass, och wa mir keng Nuklearmuecht sinn, déi heite Konventioun, déi déi eenzel Natiounen, déi Atomanlagen hunn, dozou zwéngt, dozou bréngt, fir de physische Schutz vun deenen Anlagen ze verstärken, haaptsächlech mat Visée vun terroristeschen Attacken, dass Lëtzebuerg och dovun profitéiert, wann dee Schutz renforcéiert gëtt.

An ech wëllt och meng Satisfaktioun ausdrécken, dass mer zu deenen éischte Länner gehéieren, déi net nëmmen ënnerschriwwen hunn, mä déi och déi heiten Ännerungen un der Konventioun stëmmen.

Villmools Merci, Här President.

► **M. le Président.** - Merci. No där zousätzlecher Prezisioun vum Här Gesondheetsminister si mer um Enn vun der Diskussioun a mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmen fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. De Vote par procuration. De Vote ass ofgeschloss.

De Projet de loi 6273 ass ugehall mat 59 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Fernand Boden, Lucien Clement, Mme Christine Doerner (par Mme Nancy Arendt), MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden, Norbert Hauptert, Ali Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Mme Tessy Scholtes, MM. Marc Spautz, Lucien Thiel, Robert Weber (par M. Jean-Paul Schaaf), Lucien Weiler (par Mme Martine Mergen), Raymond Weydert et Michel Wolter (par M. Lucien Thiel);

MM. Marc Angel, Alex Bodry (par M. Ben Fayot), Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err (par Mme Claudia Dall'Agnol), MM. Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein (par M. Ben Scheuer), Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Marc Angel), MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Mme Vera Spautz (par M. Roger Negri);

MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, MM. Fernand Etgen, Paul Helminger (par M. Claude Meisch), Claude Meisch, Mme Lydie Polfer (par M. Fernand Etgen) et M. Carlo Wagner;

MM. Claude Adam (par M. Félix Braz), François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes et Fernand Kartheiser.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

Da komme mer elo zur Diskussioun iwwert de Projet de loi 6276, en Accord tëschent der EU an Norwegen iwwert d'Satellitennavigatioun. D'Riedezäit ass hei nom Basismodell festgeluecht. Et huet sech bis elo just ageschriwwen: d'Madame Brasseur. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Lucien Thiel. Här Thiel, Dir hutt d'Wuert.

6. 6276 - Projet de loi portant approbation de l'Accord de coopération concernant la navigation par satellite entre l'Union européenne et ses États membres et le Royaume de Norvège, fait à Bruxelles, le 22 septembre 2010

Rapport de la Commission de l'Enseignement supérieur, de la Recherche, des Médias, des Communications et de l'Espace

► **M. Lucien Thiel (CSV), rapporteur.** - Merci, Här President, fir d'Wuert. Kolleeginnen a Kolleegen, déi Sojus-Rakët, déi den 20. Oktober vun der Weltraumgare Kourou an der franséischer Guyane ofhiewe soll, wäert u Bord déi zwee éischt vun am Total 30 Satelliten hunn, déi vun 2014 un den europäeschen Navigatiounssystem Galileo assureiere wäerten. Et sinn zwar net déi éischt Galileo-Satelliten, well et sinn der scho véier ënnerwee, mä déi si geduecht, fir de System en place ze bréngen. Si stelle souzesoen d'Avant-garde duer, déi am Moment fir déi noutwendeg Miessungen, Positionementer an Ofstëmmung mat de Buedemstatiounen suergt. Bis 2019 soll de Projet Galileo ganz, komplett duerchgezunn an och dee leschte vun deenen 30 Operatiounssatelliten op Orbit sinn.

Et gesäit also duerno aus, datt déi Entreprise, déi 1999 demarréiert war, sech awer gläich als eng Feelgebuert erausgestallt hat, dach nach zu engem gudden Enn ka bruecht ginn. Den éischten Ulaaf war bekanntlech dernieftgaangen, well dee Private Public Partnership, deen dat Ganzt realiséiere sollt, séier auserneegebrach war. Déi néng Privatfirmaen, déi de Galileo am Partenariat mat den europäeschen Instanzen op Orbit bréngen sollten, hate kal Féiss kritt an hu sech aus dem Deal zrëckgezu gehat. Der EU blouf du soss näischt iwwreg, wéi entweder de Projet stierwen ze loossen oder awer en eleng an d'Hand ze huelen.

Eigentlech haten d'EU-Partner och keen anere Choix, well ouni eegenen Navigatiounssystem wier Europa weiderhin op den Amerikaner hire GPS ugewisen, dee längst vu jiddwengem als eng Selbstverständlechkeet ugesi gëtt, deen awer als feste Bestanddeel vum amerikanesche Militärsarsenal riskéiert, zu jiddwer Moment ofgeschalt ze ginn. Eng Situatioun, déi haut kee sech méi virstelle kann, mä déi duerchaus am Beräich vum Méigleche läit an déi och schonn iergendwann - während dem Golfkrich, mengen ech - agetratt war.

Well awer op där anerer Säit kee private Partner méi bereet war, mat an d'Boot ze klammen, huet den ECOFIN Enn 2007 decidéiert, datt d'Unioune de Milliardeprojet sollt eleng weiderféieren. Woumat de Galileo dann iwwregens och deen éischten Infrastrukturobjekt gëtt, deen der EU, an hir ganz eleng, gehéiert. Allerdéngs huet se dat Ganzt un en techneschen Exécutant weidergereecht, nämlech un d'Europäesch Weltraumagence, an der Ofkierzung ESA, där eng Rëtsch EU-Statene ugehéieren a bei där Lëtzebuerg schonn 2005 als 17. Aktionär ageklomme war.

Domadder ass de Galileo elo definitiv op der Weltraumschinn, zwar mat etlecher Verspéidung op säin urspréngleche Fahrplang, an och eréischt nodeems sech erausgestallt huet, datt den definitive Käschtepunkt sech vun 3,4 Milliarden Euro op gutt 5 Milliarden Euro eropgeschrauft huet.

Herno wäerten d'Fonctionnementskäschte vum Navigatiounssystem sech op ronn 800 Milliounen pro Joer belafen, deenen dann awer och eng etlech Recetté géintiwwerstoe wäerten, well och wann, wéi scho beim GPS, eng fräi Notzung fir den eenzelnen EU-Bierger garantéiert ass, wäert de Galileo och professionell Servicier, zum Beispill fir d'Fluch- a fir d'Schëffsnavigatioun, offréieren, an déi muss bezuelt ginn.

Dann därerf een och net vergiessen, wann ee schonn ufänkt, déi Rechnung ze maachen, datt de Galileo och Retombéeën am Beräich vun der Météo, vun de Rettungsdéngschter a vun der Sécherheetsiwwerwaachung wäert hunn, ouni vun den indirekten Inzidenzen ze schwätzen, déi den Navigatiounssystem am Fuersuchungs-an am Industrieberäich elo schonn huet an nach wäert hunn. Et gëtt domat gerechent, datt de Galileo summa summarum an 20 Joer der europäescher Economie eng Plus-value vu 60 Milliarden Euro wäert bréngen!

Och mir Lëtzeburger kréien e Stéckelchen dovunner of, well et si fir de Moment zwou Lëtzeburger Firmaen am Projet engagéiert, déi eng opgrond vun hirer Experienz an der Satellitestioun...

Här President, frot emol, ob den Här Bausch sech net interesséiert fir d'Ried. Et stéiert, wann ee soll hei schwätzen.

► **M. le Président.** - Den Här Bausch lauschtert elo ganz opmierksam no.

► **M. Lucien Thiel (CSV), rapporteur.** - Also, neen, nolauschtere geet duer, et muss net opmierksam sinn.

Déi eng opgrond vun hirer Experienz an der Satellitestioun - ech mengen d'SES -, an déi aner, d'Firma HITEC, am Antennebau. Si hu schonn zwou Installatiounen geliiwert, déi zu Kourou an a Schweden fir d'Satellitesteuerung suerge wäerten. A si hunn och eng Spezialantenn hei vir an den Ardennen - Dir kennt vläicht déi Buedemstatioun zu Redu - opgeriicht, déi eng wichteg Roll bei der Areguléierung vum Galileo-System spillt.

Här President, den internationalen, eigentlech de ganze Globus ëmspannende Charakter vum Projet bréngt et mat sech, datt eng sëllege bilateral Accorden tëschent der EU an Drëttlänner mussen getraff ginn, fir d'Vernetzung vum Galileo-System ze assureieren.

Well de Galileo engersäits net a Konkurrenz mam GPS steet, mä déi zwee sech géigesäiteg stäipen a complétiere sollen, gouf scho virun enger Zäit esou een Accord mat Amerika ofgeschloss. Och mat China ass sech iwwer eng Zesummenaarbecht géeneegt ginn, well d'Chineesen un engem eegenen Navigatiounssystem schaffen, dee spéider emol soll, genee wéi de Russen hiren, an dat globaalt Weltnetz integréiert ginn. Weider Accorde goufe mat Israel, mat der Ukrain a mat Südkorea ënnerschriwwen. An et sinn der nach mat Brasilien, mat Malaysien, mat der Schwäiz a mat Argentinien am Tube.

Haut geet et ëm d'RAFifizéierung vum Ofkommes, dat d'EU-Kommissioun virun néng Méint mat Norwegen ënnerschriwwen huet. De Fall vun Norwegen ass insofern e bësse speziell, well dat Land bekanntlech net EU-Member, mä awer Member vun der ESA ass an domat scho mat engem Fouss am Galileo steet. Als Net-EU-Member brauch Norwegen esou en Accord, also mat der Unioune, een Accord, deen op Géigesäitegkeet berout. Norwegen autoriséiert d'Installatioun vun zwou Suiveursantennen op sengem Territoire an därer am Géigenzuch zu deeneselwechte Konditiounen vun de Galileo-Servicer profitéiere wéi d'europäesch Memberstaten.

Dat gëllt och fir déi net public Déngschter, wéi eben d'Schëffsnavigatioun oder de Sécherheetsschëld, dee bei der Ofwier vun Terrorismus oder aneren Iwwergrëffer hëllef soll. Natierlech bréngt dat op där anerer Säit och gewësse Verpflichtungen fir Norwegen mat sech, notament wat d'Protektioun vun deenen net öffentlechen Déngschter ubelaangt. Well, och wann de Galileo un a fir sech kee militärescht Instrument ass, kann en dach vun de Benotzerstate fir Zwecker gebraucht ginn, déi net jiddwereen eppes uginn an déi dofir eng gewëssen Diskretioun viraussetzen.

Här President, och de Statsort huet net dee geréngsten Zweifel un der Noutwendegkeet vum Galileo-System an dofir och vun enger méiglechst breeder internationaler Zesummenaarbecht. Hien huet deemno näischt un deem Accord mat Norwegen auszesetze gehat.

Ech mengen, d'Chamber kéint deem dann och hir Zoustëmmung ginn. Ech huelen dat un, dofir kann ech och schonn den Accord vun der CSV-Fraktioun ginn. Ech waarden och drop, datt e vun där anerer Säit kënnt.

Merci.

► **M. le Président.** - Merci dem Här Rapporteur Lucien Thiel. An als éischt Riednerin ass d'Madame Anne Brasseur agedroen.

Neen, Madame Brasseur?

Discussion générale

► **Mme Anne Brasseur (DP).** - Ech géif den Accord vun der DP-Fraktioun ginn.

► **M. le Président.** - Merci der Madame Brasseur. Ech mengen, dat war alles ganz kloer. Ech weess net, ob den zoustännege Minister nach wëllt eppes derbäifügen.

► **M. François Biltgen, Ministre des Communications et des Médias.** - Och fir de Minister war alles ganz kloer.

► **M. le Président.** - Merci, Här Minister. Da komme mer zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmen fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. De Vote par procuration. De Vote ass ofgeschloss.

De Projet de loi 6276 ass ugehall mat 59 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Fernand Boden, Lucien Clement, Mme Christine Doerner (par M.

Marcel Oberweis), MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden, Norbert Hauptert, Ali Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Mme Tessy Scholtes, MM. Marc Spautz, Lucien Thiel, Robert Weber (par M. Marc Lies), Lucien Weiler (par Mme Nancy Arendt), Raymond Weydert et Michel Wolter (par Mme Martine Mergen);

MM. Marc Angel, Alex Bodry (par Mme Claudia Dall'Agnol), Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err (par M. Roger Negri), MM. Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein (par M. Ben Scheuer), Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Ben Fayot), MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Mme Vera Spautz (par M. Marc Angel);

MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, MM. Fernand Etgen, Paul Helminger (par M. Fernand Etgen), Claude Meisch, Mme Lydie Polfer (par M. Xavier Bettel) et M. Carlo Wagner;

MM. Claude Adam (par M. Félix Braz), François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes et Fernand Kartheiser.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

Da komme mer elo zum leschte Projet de loi fir de Mëtteg, de Projet de loi 6275, en Accord mat Spuenien iwwert den Austausch vu klassifizierten Informatiounen. Hei ass d'Riedezäit och nom Basismodell festgeluecht. D'Wuert kritt elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Marc Angel. Här Angel, Dir hutt d'Wuert.

7. 6275 - Projet de loi portant approbation de l'Accord de sécurité entre le Grand-Duché de Luxembourg et le Royaume d'Espagne concernant l'échange et la protection réciproque des Informations classifiées, signé à Luxembourg, le 12 novembre 2009

Rapport de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Défense, de la Coopération et de l'Immigration

► **M. Marc Angel (LSAP), rapporteur.** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, bei dësem Projet geet et, wéi gesot, ëm d'Approbatioun vun engem Accord tëschent dem Kinnekräich Spuenien an eise Land, fir dass mer e rechtliche Kader kënnen schafen, wat den Échange an d'Protektioun - déi géigesäiteg Protektioun - vu klassifizierten Informatiounen ugeet.

Fréier gouf dës Notioun éischer gesinn am Kader vu Krichssituatiounen oder Militäroperatiounen. Haut ass dat anescht. Et gëtt zwee Type vu Menacen, éischters, alles wat géint eis Sécherheet geet: Terrorismus, d'Prolifératioun vu Massevernichtungswaffen an d'organiséiert Kriminalitéit. An en aneren Typ vu Menacen ass, wou et dréms geet, eise Patrimoine économique et scientifique ze schützen, fir ebe géint den Espionnage industriel virzegoen.

Dir därerf mer net béis sinn, wann ech lech haut net vill iwwert dee Projet erklären, well ech hu scho véiermol genau deen nämlechte Rapport hei gemaach, mat der Belsch, mat Däitschland, mat Frankräich a mat Lettland. Haut ass et, wéi gesot, mat Spuenien.

Et ass ëmmer deen nämlechten Opbau: 16 Artikelen. Dat Ganzt ass nëmme méiglech ginn, well mer eis 2004 e Gesetz ginn hunn «relative à la classification des pièces et aux habilitations de sécurité». Dëst Gesetz ass d'Basis, fir dass mer déi bilateral Accorde kënnen ofschléissen. Et ass opgebaut: 16 Artikelen, d'Definitiounen, en Tableau d'équivalence, wien därerf wat kucken, protegéieren, wéi eng Autoritéit sinn zoustänneg.

Wéi gesot, et ass genau d'nämlecht wéi déi véier aner Projeten. Dofir hunn ech mer erlaabt, mech kuerz zefaassen, an ech ginn heimadder och den Accord vun der LSAP-Fraktioun.

Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Merci dem Här Angel, deen esou kloer war, datt keen anere Riedner sech ageschriwwen huet. Ech ginn dovun aus...



Dir sidd net ageschriwwen, Här Kartheiser. Dir kritt awer gär d'Wuert.

Discussion générale

► **M. Fernand Kartheiser** (ADR).- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, och e grouse Merci un de Marc Angel fir säi gudden Rapport, mä ech fäerten, mir hu schlecht Neiegkeete fir den Här Angel. Well, wat mir gären hätten, ass u sech, datt en deeselwechte Rapport nach ongeféier 25-, 26-mol misst maachen. Eis ass opgefall, datt an esou engem wichtegen Domän wéi dem Schutz vun de klassifizierten Dokumenter Lëtzebuerg eréischt fënnel d'Accorde huet, nodeem mer awer säit Joren un deenen Accorde misst schaffen.

Mir froen eis: Wéi ass et méiglech, datt d'Regierung net méi séier virumécht, fir esou Accorde mat eise Partner an der Allianz, an der Unioun ofzeschléissen? Et ass ëmmer praktesch deeselwechten Text - den Här Angel huet dat jo och a sengem Exposé hei ugedeit -, et ass praktesch ëmmer deeselwechten Opbau. Wéi kann et sinn, datt mir eréischt fënnel d'Accorde mat eise Partner hunn, wou et awer kann net nëmmen ëm staatlech, mä och ëm wirtschaftlech a wëssenschaftlech Interesse goen?

Mir hätte gär, Här President, datt d'Regierung virumécht. Si huet jo genuch Personal an aneren Domänen. Ech wëll déi elo hei net opzelen. Firwat gëtt an deem dote Beräich, dee fir eis wichteg ass, net méi séier geschafft? Dofir wäre mer frou, fir Erklärungen vum Här Minister ze héieren.

Ech soen lech Merci.

► **M. le Président**.- Merci dem Här Kartheiser. Den Här Angel freet elo nach eng Kéier d'Wuert.

► **M. Marc Angel** (LSAP), *rapporteur*.- Fir eppes ze soen, wat mer an der Kommissioun hatten: Eng ähnlech Fro hat ech an der Kommissioun och opgeworf a gefrot, wéi dat méiglech ass, dass mer dat esou dröpscheersweis kréien. Elo hu mer ee mat Spuenien. Mir haten et eng Kéier, wou mer dräi Länner regroupéiert haten. Ech hat déi Fro opgeworf, an den Här President - den Här Ben Fayot - vun der Kommissioun huet gesot, mir géifen eis bei deene Responsabelen am Ministère doriwwer erkundegen. An an enger vun deenen nächste Sëtzunge wäerte mer dann hoffentlech och eng Äntwert op déi interessant Fro do kréien, déi mer, wéi gesot, och an der Kommissioun opgeworf hunn.

Merci.

► **M. le Président**.- Gutt, Merci. Wann da soss kee méi dozou wëllt Stellung huelen, wäre mer um Enn vun der Diskussioun.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmme fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmme. De Vote par procuration. De Vote ass ofgeschloss.

De Projet de loi 6275 ass ugehall mat 60 Jo-Stëmme.

Ont voté oui: Mmes Diane Aehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Fernand Boden, Lucien Clement, Mme Christine Doerner (par M. Marcel Oberweis), MM. Emile Eicher, Félix Eschen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden, Norbert Hauptert, Ali Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Mme Tessy Scholtes, MM. Marc Spautz, Lucien Thiel, Robert Weber (par Mme Nancy Arendt), Lucien Weiler (par Mme Martine Mergen), Raymond Weydert et Michel Wolter (par M. Lucien Thiel);

MM. Marc Angel, Alex Bodry (par M. Roger Negri), Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err (par M. Ben Scheuer), MM. Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein (par M. Ben Fayot), Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Marc Angel), MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Mme Vera Spautz;

MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, MM. Fernand Etgen, Paul Helmingier (par M. Carlo Wagner), Claude Meisch, Mme Lydie Polfer (par M. Claude Meisch) et M. Carlo Wagner;

MM. Claude Adam (par M. Félix Braz), François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes et Fernand Kartheiser;

M. André Hoffmann.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou décidéiert.

Fir haut de Mëtteg huet d'Fraktioun vun deene Gréngen eng Aktualitéitsstonn iwwert d'Lounënnerscheeder tëschent Fraen a Männer ugefrot. D'Riedezäit ass hei am Artikel 84, zweeten Alinea vum Chambersreglement festgehalen a gesäit Folgendes vir: där Fraktioun, déi d'Aktualitéitsstonn ugefrot huet, stinn zéng Minutten zou; deenen anere Fraktiounen jee weils fënnel Minutten; de Sensibilités politiques zwou Minutten an der Regierung eng Véirelstonn.

Et hu sech bis elo ageschriwwen: d'Madame Andrich-Duval, den Här Bauler, d'Madame Dall'Agnol, den Här Kartheiser an den Här Hoffmann. D'Wuert huet elo déi honorabel Madame Viviane Loschetter als Vertrieederin vun der Fraktioun vun deene Gréngen.

8. Heure d'actualité du groupe déi gréng au sujet de l'écart de rémunération entre les femmes et les hommes

Exposé

► **Mme Viviane Loschetter** (déi gréng).- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, déi gréng Fraktioun huet am Kader vun internationale Fraendag am Joer 2011, dat heescht dëst Joer, dës spezifesch Heure d'actualité ugefrot, nämlech déi besonnesch och d'Fraepolitik betrëfft, à savoir d'Ongläichheet, spriech d'Ongerechtegkeet tëschent Männer a Fraen, déi manifestement nach ëmmer besteet an de Salären.

Déi leschte Kéier, wou mer an dësem Haus doriwwer debattéiert hunn, dat war am Februar 2010 - dat war och eng Heure d'actualité, och am Kader vun internationale Fraendag - an dat war op Ufro vun der sozialistescher Kolleegein.

Mir waren ons eens - virop d'Gläichheitsministesch an den Aarbechtsminister hunn ënnerstrach -, datt et Ongereimtheeten, Ongläichheete gëtt, datt eng Fra bei gläicher oder gläichwäerteger Aarbecht manner verdéngt zu Lëtzebuerg. Mir waren ons och eens, datt mir zu Lëtzebuerg net nëmme géint e Verfassungsprinzip verstoussen, mä carrément och géint eng bestehend Législatioun!

Déi zwee Membere vun der Regierung hu sech engagéiert, 2010 eng approfondéiert a fundéiert Analys vun der Situatioun ze maachen an dann an d'Chamber zrëckzekommen, fir ons matzedeele, wou mir zu Lëtzebuerg konkret an novellzéibar dru sinn an dësem Dossier a wat fir eng konkret, notament legislativ Schrëtt si proposéieren.

Dat ass eigentlech och d'Zil vun der Heure d'actualité vun der grénger Fraktioun haut. Mir géife gäre vun der Regierung, vertrauden duerch hir zoustänneg Ministeren, héieren, wat si ënnerholl hunn, fir de Wëssensstand ze aktualiséieren, a wat si der Chamber als Moossnam proposéieren, fir ëmzesetzen.

Virun zwee Joer - e kuerze Rappel - huet ons Gläichheitsministesch opgezielt, wou mir ons iwwerall verflucht hunn, gläichwäerteg Aarbecht mat gläichwäertegem Loun ze entschiedegen:

Éischtens, am Reglement vum 10. Juli 1974, wat virschreift, datt den Employeur verflucht ass, bei gläichwäerteger Aarbecht gläiche Loun auszebezuelen. Zweetens, 1989 hu mer d'CE-DAW-Konventioun ratifizéiert. Drëtens, 1999 ass d'Application du principe d'égalité de rémunération tëschent Männer a Fraen am Kollektivvertragsgesetz ënnerschriwwen ginn. A véiertens, duerch den EU-Traité si mer als Memberstat gehalen, d'Égalité de traitement ze applizéieren op allen Niveauen an alle Politiken.

Den Aarbechtsminister an d'Gläichheitsministesch hunn 2010 ënnerstrach, datt den aktuellen Zoustand inakzeptabel ass, egal wéi grouss oder wéi kleng de Lounënnerscheed ass. Si hatten deemools eng Rei Mesuren an d'A gefaasst, notament, fir d'Gesetz vu '74 erëm op de Leescht ze huelen. Dat war notament eng vun den Iwwerleunge vun Aarbechtsminister. Och d'Gläichheitsministesch konnt sech gräifbar Sanktiounen virstellen, déi et haut nach net gëtt.

D'Gläichheitsministesch hat deemools gesot, datt déi Heure d'actualité vun der leschter Kéier ganz wichteg wär, datt ee sech wierklech eng Kéier misst méi Zäit huelen, vill méi Zäit, fir am Detail op dat Ganzt anzugehen. Elo, e bësse méi spéit, misst eigentlech Zäit genuch gewiescht sinn, fir ons kënnen Detailer virzeleeën.

Ech wëll och ganz bewusst, Här President, mech haut beschränken op Aussoen, déi entweder op offiziellen Donnéeën vun onser Regierung oder vun der Europäescher Kommissioun baséieren. Dëst si bekanntlech zwee Gremien, déi net grad besat si vu feministeschen Aktivistinnen. Doduerch kann een hiren Donnéeën wierklech keng tendenziéis Interpretatioun virwerfen.

Zousätzlech zu de kloren Aussoe vun de Ministeren Hetto a Schmit an der Chamber fënnt een haut um Site vum „Mega“ den Text: «Depuis 1975, l'égalité de salaire est inscrite dans la législation luxembourgeoise. Les femmes et les hommes ont droit à un salaire égal pour un travail égal ou de valeur égale. Il subsiste néanmoins un écart de salaire entre femmes et hommes qui ne trouve pas d'explication objective. En 2009, au Luxembourg, un écart salarial de 15% entre femmes et hommes a été répertorié. Le salaire horaire brut moyen féminin reste à 85% de celui des hommes.» Dat ass dat, wat ech de Samschdeg um Site fonnt hunn.

Um Site vun der Europäescher Kommissioun am Département Emploi, Affaires sociales an Inclusion fanne mer schonn eng méi détailléiert Analys vun den net objektiven Explikatiounen, sou wéi dat beschriwwen ass um Site vum „Mega“.

Véier verschidde Foyere vun Ursaache sinn do ugin: Éischtens, d'«Sous-évaluation du travail des femmes, le mode d'évaluation des compétences des femmes». An e bësse méi wäit ënnerdrënner steet op deem Site vun der Europäescher Kommissioun dat Beispill an engem Supermarché, datt zum Beispill d'Caissière, déi meeschtens Frae sinn, manner verdéngt wéi zum Beispill jonk Männer oder Männer, déi an de Rayone vum Supermarché d'Saache rangéieren. Do ass en Écart de salaire, deen eigentlech objektiv net ze rechtfertegen ass, erëmfonnt ginn. Dat ass einfach en Exemple, dee fannt Der um Site vun der Kommissioun.

Zweete Foyer, dee se do beschreiwen, ass d'«Ségrégation sur le marché du travail». An do beschreiwe se de Choix vun den Aarbechten, vum Beruff, déi oft no Gender deklinéiert ginn. Do, wou haaptsächlech sech méi oder vill méi Fraen erëmfinden, handelt et sech praktesch oft, wann net ëmmer, ëm Beruffer, wou méi schlecht bezuelt gëtt. Si ënnersträichen - d'Europäesch Kommissioun -, datt d'Fraen zimmlech krass feelen op gutt bezuelte Postes dirigeants, obwuel d'jonk Meedercher besser Studienstipendien hunn.

Drëtte Foyer, d'Segregatioun huet oft eppes mat Stereotypen an Traditionen ze dinn. D'Meedercher fënnt een nach ëmmer méi a soi-disant Fraeberuffer erëm. Obwuel 55% vun de jonken Dammen en Unisdiplom hunn, si se nëmmen zu 8% vertruede bei den diploméierte Mathematiker, Informatiker an Ingenieuren.

Da schreift d'Europäesch Kommissioun am Département Emploi, Affaires sociales et Inclusion, datt Beruffer, déi sech mat Kapital beschäftegen, vill méi ageschat gi wéi Beruffer, déi sech mat Leit beschäftegen, an och besser bezuelt ginn. Dat ass eppes, iwwert dat mer eigentlech ons misst Gedanke maachen, denken ech.

Véierten a leschte Foyer, deen ernimmt ass, dat ass - wéi soll et och anescht sinn: D'Veereinbarung vu Famill a Beruff belaauscht nach ëmmer méi d'Mamme wéi d'Pappen.

Mir kënnen ons awer och bei onsen Nopeschlänner ëmkucken an do kucken, wéi eng Programmer a „best practices“ se hunn. Ech wëll der just e puer ernimmen, mä et gëtt do och e ganz flotte Site, voire eng ganz flott Broschür, déi eng ganz Rëtsch vu Programmer, Aktiounen, „best practices“ aus de verschiddene Länner ernimmen.

An Éisträich zum Beispill hu se e Plan d'action national op d'Bee gesat. Deen heescht „Gender, Equality, Labour Market“, wou se 2011 mat alle Betriber, déi méi wéi 1.000 Salariéen hunn, dee Plan d'action national ugin, an ab 2014 deklinéiere se et erof bis op Betriber mat 150 Salariéen. Do gëtt och regelméisseg e Rapport gemaach. Dat ass - mengen ech - eng ganz interessant Aktioun.

An der Belsch hei just niewendru maache se e Rapport annuel iwwert den „gender pay gap“, also ganz spezifesch iwwert den Écart de salaire tëschent Männer a Fraen. Dee kann ee sech e bësse virstelle wéi de Rapport annuel, dee bei ons zum Beispill de Médiateur mécht.

Frankräich ass op de legislative Wee gaangen. Déi hu schonn am Joer 2006 e Gesetz gestëmmt, fir där Saach entgéintzewierken.

A Finnland ass zum Beispill och eng ganz interessant Aktioun geschitt, nämlech en „Equal-pay“-Programm, deen ofgeschloss ginn ass - mir géifen dat nennen - an enger Tripartite, nämlech mat de Sozialpartner. Eng 30 Aktiounen si festgehalen. Déi gi koordinéiert vum Égalitéitsministère a vum Aarbechtsministère. An et gëtt och e Koordinatiounsgrupp, en Tripartiteskoordinatiounsgrupp, deen eng Evaluatioun mécht.

Fir ofzeschléissen an a menger Zäit ze bleiwen, Här President, si mer gespaant, wat mer elo vu Propositione gemaach kréie vu Säite vun der Regierung, éischtens, fir déi bestehend Engagementer a Gesetzter le cas échéant ze adaptéieren, an zweetens, ob si sech och scho konkret

Gedanke gemaach hunn, fir déi Programmer, déi si hei maachen, auszeweiten, voire fir sech aus e bësse méi progressistesche Programmer aus deenen aneren EU-Länner vläicht eng Schëpp matzehuelen.

An da wëll ech, well ech elo lech och matdeelen, datt ech keng Motioun déposéieren, all deene Leit, déi mer elo nogelauschtert hunn, en härezeche Merci ze soen.

► **M. le Président**.- Merci der Madame Loschetter. An als éischt Riednerin ass déi honorabel Madame Sylvie Andrich-Duval agedroen. Madame Andrich-Duval, Dir hutt d'Wuert.

Débat

► **Mme Sylvie Andrich-Duval** (CSV).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wéi mer den 3. Februar 2010 zum Thema Paiendifferenz tëschent Männer a Frae geschwat hunn, hat ech ofgeschloss mat der Feststellung, dass mer bestëmmt net fir d'Lescht an dësem héijen Haus iwwert dat Thema geschwat hätten. An esou ass et dann och.

Laut den Donnéeën vun der Sozialer Sécherheitsinspektioun war 2009 d'Moyenne vum Bruttostonnelloun vun de Fraen tëschent 15 a 64 Joer 90% vun deem vun de Männer. Dës Differenz ass positiverweis vu 26% op 10% erogaangen tëschent 2001 an 2009. Insgesamt gëtt et Differenzen an der Situatioun vun de Männer a Fraen um Niveau vum Aarbechtsmaart, an dat trotz den Efforten, déi gemaach goufen.

Zum Beispill hu mer hei zu Lëtzebuerg ee vun deenen niddregste Beschäftigungstauxen vun de Fraen an der EU. Dësen Écart hält awer schonn zënter e puer Joer of. Ëmmer méi Frae sinn dann och zu Lëtzebuerg beruffstäteg. Mä déi auslännesch Fraen, déi hei wunnen, hunn e méi héije Beschäftigungstaux ze verzeche wéi d'Lëtzeburgerinnen. Och si wäit méi Frae wéi Männer vun der Deelzäitaarbecht beträff, quitte dass zënter der Kris och méi Männer en Deelzäitjob hunn.

Par contre kruten d'Fraen d'Kris manner ze spiere wéi d'Männer, wat d'Aarbechtslosegkeet ugeet, well si a Beruffssparte schaffen, wou d'Kris keen oder en net gradesou groussen Impakt hat wéi zum Beispill am Bausektor.

D'Secteuren, wou d'Fraen nach ëmmer dra schaffen, sinn net onbedéngt finanziell a carrièresméisseg interessant a stelle prekär Aarbechtsplazen duer. Sou bezéie 15% vun de Fraen de Mindestloun géigeniwwer 9% bei de Männer. Ausserdem sinn d'Frae wäit ënnerrepräsentéiert um Niveau vun de Poste mat Verantwortung.

Et ass net verwonnerlech, dass ënnert dësen Émstänn d'Fraen an der Regel manner verdéngt wéi hir männlech Kolleegeen. An dëst, obscho mer d'Gläichheet vun de Gehälter zënter 1975 gesetzlech verankert hunn. Et gëtt eng Rei Erklärungen. Och jonk, gutt ausgebildete Frae maachen de Choix, fir doheem ze bleiwen oder deelaus ze schaffen. An et ass och gutt, dass se dee Choix hunn.

An anere Fäll ass et éischter en imposéierte Choix. Esou ass et fir vill Fraen net rentabel ze schaffen. Hei spille steierlech Aspekter mat. Och hu si Schwierigkeeten, Beruff a Famill ënner een Hutt ze kréien, an trotz Ausbau vu Kannerbetriebsstrukturen an Aféierung vum Chèque-service brauche mer nach méi an och flexibel a bezuelbar Strukturen, fir der Demande gerecht ze ginn.

Villes spillt sech awer an de Käpp vun de Leit of, bei de Männer wéi bei de Fraen. Gewollt oder ongewollt ass d'Handelen an d'Denke vun traditionellen Astellungen a Viruerteeler konditionéiert. Et ass normal oder zumindest nozevollzéien, dass eng Fra doheem bleift a sech ëm hir Kanner këmmert, awer et ass leider hautdësdaags nach net selbstverständlech, dass d'Männer deeselwechte Choix maachen. Dat ännert sech eréischt lues a lues duerch politesch Impulser wéi d'Aféierung vum Congé parental - och fir Pappen!

Déi privat, mä och déi öffentlech Sphär ass nach ëmmer männlech ausgeriicht a geprägt. Wann een nämlech déi strukturell Elementer wéi d'Qualifikatioun oder d'Responsabilitéit, déi d'Gehälter bestëmmen, ewechléisst, bleift nach ëmmer eng onerklärlech Gehälterdifferenz - d'Madame Loschetter huet et och gesot - tëschent Männer a Frae bestoen, déi op kengem objektive Kritär berout, zumindest am Privatsektor. Also ass och e Mentalitéitswiessel erfuerdert, soss risikéiere mer, dass all aner Instrumenter, déi mer eis ginn, net allze vill wierken.

Mir kënnen als Politiker Impulser ginn, fir dass dese Mentalitéitswiessel méi schnell kënnt, andeems mer d'ënnerscheeder tëschent Mann a Fra um Aarbechtsmaart ëmmer nees thematiséieren.

D'CSV steet jiddefalls hannert den „Actions positives“, déi d'Chancëgläichheitsministesch